FOYERS SENIORS Asbl sicht fir hirt

Club Haus op der Heed zu Hëpperdang

ab den 01/02/2023

1 diploméierten Erzéier (m/f/d)

op onbestëmmte Zäit (40 Stonnen/Woch - Convention collective SAS/carrière C4)

Wat ass d'Aufgab vum Mataarbechter:

- Sech ëm den Accueil vun de Client'en am Club këmmeren an duerfir suergen, datt Leit sech wëllkomm fillen
- Leit iwwert de Club an seng Offeren informéieren
- Workshops organiséieren an och leeden
- Aktivitéiten am Beräich vum liewenslaange Léieren entwéckelen, organiséieren an duerchféieren
- Aktivitéiten an pedagogesch Projet'en, déi an eisem Club ëmgesat ginn, respektéieren an am Team duerchféieren
- D'Offer beschreiwen an redaktionell opschaffen fir d'Publikatioun vum Programm
- Administrativ Aufgaben erleedegen déi am Zesummenhang mat der Aarbecht vum Educateur stinn

Wat gëtt nach erwaart:

- Eng vertrauensvoll Bezéiung zu den Clienten opzebauen an ze entwéckelen.
- Sécherstellen, datt Ziler vum Club ëmgesat ginn, dat heescht:
    - Förderung an Befäegen zum liewenslaangen Léieren,
    - Sensibiliséierung fir Virdeeler vun kierperlecher an mentaler Aktivitéit an all Alter
    - Virbereedung op Pensioun
    - Ënnerstëtzung vun der individueller an kollektiver Entwécklung vum erwuessene Mënsch
    - Sozial Kontakter erméiglechen an domat géint d'Isoléierung vun Mënschen an eiser Gesellschaft virzegoen.

Ären Profil :

- Diplom vum Educateur(trice) diplômé(e) oder equivalent den zu Lëtzebuerg unerkannt ass
- Lëtzebuergesch, Däitsch an Franséisch verstoen, schwätzen an schreiwen kënnen
- Gutt Computerkenntnisser
- Dir sidd professionell an bereet zu flexibelen Zäiten ze schaffen

- Dir sidd een Equipemënsch an är Kolleegen an äre Patron kennen sech op iech verloossen
- Dir sidd motivéiert an maacht är Aarbecht mat Freed an Iwwerzeegung
- Dir sidd organiséiert an dynamesch an fannt Léisungen bei Schwieregkeeten
- Dir sidd kreativ an kapabel fir pedagogesch Aktivitéiten an Projet'en auszeschaffen an ëmzesetzen

Wat bidden mir:

- Eng kleng motivéiert Equipe déi Freed un hirer Aarbecht hutt
- Eng ofwiesslungsräich Aarbecht wou een Méiglechkeet kritt selwer Saachen ëmzesetzen
- Bezuelung nom SAS-Kollektivvertrag C4

Schéckt Är Kandidature mat enger Kopie vun ären Diplomer bis den 06.01.2023 un:

Club Haus op der Heed

Mme la Présidente Liliane Frising

2, Kaesfurterstrooss

L-9755 Hupperdange